UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDEE EN 1935,
AFFILIEE A LA FEDERATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

Dippech, den 21. Dezember 2019

Rapport vun der Sëtzung vum 10. Dezember 2019 –

SECHERHEET UM TRAINING

Präsenztabell:

Nom:	Ini.	Functioun:	Présent	Excusé
JUNGELS Henri	JH	Präsident	•	
SPAUTZ Richard	SR	Secretär	•	
HAAG Serge	HS	Invité	•	
DIDIER Lucien	DL	Member	•	
GONCALVES Sandro	GS	Invité	•	
JUNGBLUTH Fredy	JF	Trésorier	•	
LAMESCH Marc	LM	Member	•	
MORIS Laurence	ML	Member	•	

Start vun der Sëtzung: 20:05h

VIRFALL MAM TIM

Den **SR** erklärt de Virfall deen während dem Training am Oktober geschitt as an d'Motivatioun gewiecht as fir dës Versammlung ze machen.

ISTZOUSTAND FIR D'TRAININGEN ZE HALEN

Den **LM** gëtt en Erklärung zum Istzoustand a wéi d'Trainingen momentan oflafen.

ANNERUNGEN FIR D'TRAININGEN OF ZE HALEN

- Den **SR** schléit vir datt mer en Aptitudeatelier sollen aféieren mat engem ofschléissenden Diplôme fir d'Adresse ze testen, wi deen deen um Site vum INS gemaach ginn as.
- Den Départ vum Training géif a nächster Zukunft vum Parking zu Schuller starten (fir di Kleng) fir eng mi grouss Secherheet ze hunn, d'Technique géif natiirlech wéider an der Hall zu Schuller gehal ginn.
- Den **HS**, schléit fir datt een de Planning vu den Trainer/Fräiwelleger einfach iwwer e Programm/App wi z.B. Sport 50/Clubee kéint ouni wéideres opstellen an dat e Joer am viraus, fir datt och jiddereen dee betraff wär sech kéint gutt organiséieren.

UNZUEL VUN TRAINER (ALS RICHTLINN ZE VERSTOEN)

Catégorie:		Unzuel:
6-10	Jeunes (Bambis)	4 Trainer (Technik & Stross)
11-12	Minimes	Bambësch (minimum 3, optimal 4)
13-14	Cadets	minimum 3, optimal 4
15-16	Débutants & folgend Catégorien	minimum 3, optimal 4

!!!!!!!!!Ofso vum Training falls d'Mindestunzuel vun den Trainer net errecht as!!!!!!!!!!!!!

GENERALVERSAMMLUNG AM FEBRUAR

Den **SR** schléit vir datt mer op der Generalversammlung en Appell machen fir eng Séance d'Information z'organiséieren fir d'Elteren vun de Kanner ze begeeschteren fir als Begleeder während den Trainingen matzefueren, fir e mi groussen Pool vu Fräiwelleger ze hunn a nach besser den Encadrement vun den Trainingen kënnen ze machen.

Ënn vun der Sëtzung: 22:00h